LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 26 FEV. 2021

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**L-2450 LUXEMBOURG**

REÇU
Par Alff Christian , 16:50, 26/02/2021

n. réf.: A37.120.21

**<u>Objet :</u> Question parlementaire n°3570**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

134-000029-20041115-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Här Verdeedegungsminister, vum Här Aussen- an Europaminister a vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro n° 3570 vum 3. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser iwwert d'Streebommen**

Zu de Froen 1 an 2:

Lëtzebuerg huet d'Osloer Konventioun iwwer Streebommen (Convention sur les armes à sous-munitions) 2008 ënnerschriwwen an 2009 ratifizéiert. Domat si mer ee vun 110 Memberstaaten vun däser Konventioun. 13 Länner hunn iwwerdeems d'Konventioun ënnerschriwwen awer nach net ratifizéiert. Zu deene Länner déi guer net ënnerschriwwen hunn gehéieren effektiv eng Rei vun eisen Alliéierten, mee och Länner wéi Russland, China an den Iran.

Lëtzebuerg ass als Memberstaat vun däser Konventioun natierlech staark dorun interesséiert dass dës soll universell ënnerschriwwen an adoptéiert ginn. Lëtzebuerg finanzéiert a senger nationaler Kapazitéit, mee och mat der Hëllef vun der EU, Programmer fir ënner anerem den Deminage, d'Educatioun iwwer Risiken, d'Hëllef fir d'Affer oder eben och nach d'Promotioun vun deene jeeweilege Konventiounen. Well net-explodéiert Sprengsätz aus Streebommen am Endeffekt eng ganz änlech Problematik wéi Landminnen duerstellen, ginn dës Aktiounen Hand an Hand mat eiser Ënnerstëtzung fir d'Ottawa Konventioun iwwer de Verbuet vu Landminnen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt also d'international Efforte fir géint den Asaz vu Streebommen a Landminne virzegoen, dat souwuel op diplomateschem wéi op finanziellem Plang.

D'Konventioun verbitt Streebommen ze benotzen, z'entwéckelen, ze produzéieren, ze beschafen oder op direkt oder indirekt Manéier ze lageren, ze konservéieren oder iergendengem ze transferéieren. Sie verbitt des Weideren Aktivitéiten z'ënnerstëtzen, z'encouragéieren oder z'incitéiere déi géint d'Konventioun verstoussen. Eist Gesetz vum 4. Juni 2009 mat deem d'Osloer Konventioun hei zu Lëtzebuerg approuvéiert gouf geet da souguer e Schrëtt méi wäit wéi d'Konventioun selwer. Den Artikel 3 vun dësem Gesetz verbitt och nach de bewosste Finanzement vun dëse Waffen.

Wat de Gebrauch vu Streebommen a bevëlkerte Gebidder betrëfft, sou bedeelegt Lëtzebuerg sech un den internationalen Efforte fir eng politesch Deklaratioun auszeschaffen déi genau op dës Problematik soll opmierksam maachen. Dës Efforten hunn am Hierscht 2019 ënner éisträichesch-irescher Leedung opgrond vun engem Opruff vum Generalsekretär vun der UNO, dem Antonio Guterres, ugefaangen. An deem Kontext huet déi lëtzebuerger Regierung och eng rezent Etüd vun Handicap International finanzéiert déi sech mat däser Problematik ausernee setzt. D'Etüd, déi am Mee 2020 publizéiert gouf, dréit den Titel "Death Sentence to Civilians: The Long-Term Impact of Explosive Weapons in Populated Areas in Yemen".

Zu de Froen 3 a 4:

De Regierungsrot huet den 23. Juli 2020 beschloss eng Étude de faisabilité fir e "Pufferspidol" vum Tipp "Major Incident Hospital" (MIH) ze lancéieren. Zil vum MIH ass sanitäre Katastrophë standzehalen an eng optimal Akutversuergung fir zivil a militäresch Patienten ze garantéieren. En MIH muss an der Lag sinn d'Akutversuergung vun Affer vu ballisteschen Traumaen, y compris wann se duerch Streebomme verursaacht goufen, ze garantéieren.

Säit 2015 ënnerstëtzt Lëtzebuerg och, iwwert Direktioun vun der Defense, den United Nations Mine Action Service (UNMAS) an säin Deminageprogramm am Irak, fir Territoiren déi vum Islamesche Staat/Daech (IS) befreit goufen. Virum Ausmooss an der Problematik vun net-explodéierte Sprengsätz déi vum IS zeréckgelooss goufen, war a bleift dëse Programm wichteg fir en Retour vun der Zivilbevëlkerung. Dëst ass och eng wichteg Contributioun zur Restabiliséierung vum Irak. D'Contributioun vun 2020 war op Héicht vu 700.000 Euro a Lëtzebuerg wäert och 2021 UNMAS weider ënnerstëtzen.

Iwwert déi konkret Ënnerstëtzung vun UNMAS am Irak eraus, ënnerstëtzt Lëtzebuerg d'UNMAS politesch an allen relevanten Instanzen an och finanziell, konsequent, säit der Grënnung 1997. D'UNMAS huet ganz konkret d'Depollutioun vun net-explodéierte Sprengsätz aus Streebommen a bevëlkerte Gebidder an hirem Mandat. 90% vun de Gebidder a 25 Länner (Libanon a Laos z.B.) an dem sech net-explodéiert Sprengsätz aus Streebomme befonnt hunn, konnten duerch den Deminage vun der UNMAS sécher un d'Zivilbevëlkerung zréckgoen.

Zudeem ënnerstëtzt eis Kooperatioun scho säit Joren den *Unexploded Ordnance (UXO) Clearance Program* vum Entwécklungsprogramm vun de Vereenten Natiounen (PNUD) am Laos. Dëse Programm ënnerstëtzt d'Entsuergung vun net-explodéierte Sprengsätz, d'Formatioun an d'Ausstattung vun Entsuergungs-Equippen, souwéi Kommunikatiounscampagnen iwwert d'Risiken an d'Bedrohungen déi net-explodéiert Sprengsätz vir d'Bevëlkerung representéieren. Di momentan Phase vun 2017 bis 2021 ënnerstëtzt d'Kooperatioun an Héicht vu 600.000 Euro.